N°4535
Entrée le 13.08.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes, de la Défense, de la
Coopération et du Commerce extérieur

Direction de la défense

Äntwert vun der Verdeedegungsministesch a vum Minister fir Wirtschaft, PME, Energie an Tourismus op d'parlamentaresch Fro N° 4535 vum 24. Juli 2026 vum honorabelen Deputéierten Marc Goergen.

*1. Wéi verhënnert d'Regierung konkret, datt d'Kapassitéite vu GovSat vun Drëttpartner fir Operatioune benotzt ginn, déi géint d'internationaalt Recht verstoussen?*

D'Bereetstelle vu Satellittekapazitéiten duerch LuxGovSat un ausgewielten Drëttpartner ass duerch eng Rei vu Mesuren encadréiert fir ze verhënneren, datt d'Notzung vun dëse Kapazitéiten zu Verletzunge vum internationale Recht féieren.

Kontrakter, déi d'Bereetstelle vu Satellittekapazitéiten duerch LuxGovSat encadréieren, enthalen ausdrécklech Bestëmmungen, déi d'Clienten an d'Endbenotzer verflichten, dat uwennbaart Recht, inklusiv dat internationaalt Recht, anzehalen. Dat betrëfft och déi international Sanktiounsregimmer an déi uwennbar Reegelen am Beräich vun der Exportkontroll.

Dës Elementer ginn zudeem och bei der Iwwerpréiwung vu potenzielle Clienten a vun de Konditiounen, ënnert deenen d'Servicer zur Verfügung gestallt ginn, berücksichtegt.

D'Zoudeelung vun de Satellitteressourcë geschitt ausserdeem iwwer geografesch virdefinéiert Ofdeckungszonen, sougenannt „Beams". Jee no technescher Konfiguratioun an de Bestëmmunge vum betraffene Kontrakt kann d'geografesch Ofdeckung vun de Kapazitéiten, déi zur Verfügung gestallt ginn, domat begrenzt ginn.

Et ass awer ze preziséieren, datt weder LuxGovSat nach d'Lëtzebuerger Regierung déi effektiv operationell Notzung vun de Kapazitéiten duerch d'Endbenotzer an Echtzäit iwwerwaachen. Aus technesche Grënn ass et net méiglech, de konkreten Inhalt vum Trafic, deen iwwer déi zur Verfügung gestallte Kapazitéiten iwwerdroe gëtt, ze kontrolléieren.

Sollten konkret Elementer op eng net konform Notzung hiweisen, kënnen z.B. kontraktuell Moossname getraff ginn, déi bis zum direkten Entzuch, der Suspensioun oder der Kënnegung vun de Servicer kënne goen.

D'Regierung übt hir Kontroll ënner anerem och iwwer den institutionellen a regulatoresche Kader aus, iwwer spezifesch d'Obligatiounen déi Opérateuren generell operluecht sinn oder z.B. duerch d'Representatioun vum Staat am Verwaltungsrot vu LuxGovSat.

Déi bestoend Mechanismen erlaben et deemno, engem potenzielle oder effektive Client, bei deem e seriöe Risiko vun enger Verletzung vun den internationalen Engagementer besteet, keng Servicer zur Verfügung ze stellen oder d'Bereetstelle vun de Servicer ze stoppen, wann eng Net-Konformitéit festgestallt gëtt.

*2. Ass et an der Vergaangenheet virkomm, datt d'Kapassitéite vu GovSat vun Drëttpartner fir Operatioune benotzt goufen, déi géint d'internationaalt Recht verstoussen?*

Bis haut sinn der Regierung keng konkret a verifizéierbar Elementer bekannt, op Basis vun deenen hätt kënne festgestallt ginn, datt Kapazitéite vu LuxGovSat am Kader vun enger Operatioun agesat gi wieren, déi eng Verletzung vum internationale Recht duerstellt.

Sollten der Regierung glafwierdeg Informatiounen iwwer eng méiglech Notzung zougoen, déi géint dat internationaalt Recht oder géint déi international Engagementer vu Lëtzebuerg verstéisst, géifen dës vun den zoustännegen Autoritéiten analyséiert gi fir déi néideg Moossnamen ze ergräifen.

*3. Gëllt déi rout Linn vum Respekt vum internationale Recht och fir aner Aktivitéiten am Beräich vum Weltraumsecteur?*

Am allgemenge stellt de Respekt vum internationale Recht e fundamentale Prinzip duer, un deem sech d'Lëtzebuerger Verdeedegung natierlech och bei aneren Aktivitéiten am Beräich vum Weltraumsecteur orientéiert. Wéi dëse Prinzip konkret ëmgesat gëtt, hänkt virun allem vun der Natur vun der jeeweileger Aktivitéit an dem jeeweilege Kontext of.

Et sief generell dorop higewisen, datt den internationale Rechtskader vu Weltraumaktivitéite haaptsächlech op Verträg vun de Vereenten Natioune baséiert, déi vu Lëtzebuerg ratifizéiert goufen. Dozou zielt den « Traité sur l'espace » vum 27. Januar 1967, d' « Convention sur la responsabilité internationale pour les dommages causés par des objets spatiaux » vum 29. Mäerz 1972 an d' « Convention sur l'immatriculation des objets lancés dans l'espace extra-atmosphérique » vum 14. Januar 1975.

Den « Traité sur l'espace » vun 1967 gesäit ënner anerem vir, datt Aktivitéiten, déi d'Exploratioun an d'Notzung vum Weltraum betreffen, am Aklang mam internationale Recht an am Interessi vun der Erhalung vum internationale Fridden an der internationaler Sécherheet duerchgefouert musse ginn. E leet och de Prinzip fest, datt d'Staaten international Verantwortung fir Weltraumaktivitéiten droen, déi ënner hirer Juridiktioun oder Kontroll duerchgefouert ginn, dozou zielen och déi Aktivitéiten, déi vu private Betriber duerchgefouert ginn. Dofir sinn d'Staaten verflicht, eng kontinuéierlech Iwwerwaachung vun de Weltraumaktivitéiten, déi ënner hirer Juridiktioun falen, auszeüben.

De lëtzebuergesche gesetzleche Kader fir Weltraumaktivitéiten – deen d'Gesetz vum 20. Juli 2017 iwwer d'Erfuerschung an d'Notzung vu Weltraumressourcen an d'Gesetz vum 15. Dezember 2020 iwwer Weltraumaktivitéiten ëmfaasst – baséiert direkt op den internationale Verpflichtungen vu Lëtzebuerg, déi aus dem « Traité sur l'espace » an anere gëltege Verträg vun de Vereenten Natiounen ervirginn. Weltraumaktivitéiten, déi der Autorisatioun an der Iwwerwaachung vun de lëtzebuergeschen Autoritéiten ënnerleien, mussen dofir mat dësen internationale Verpflichtungen am Aklang sinn. Bilateral oder multilateral Ofkommen, déi vu Lëtzebuerg ofgeschloss ginn, passen sech dëse Verpflichtungen un.

*4. Ginn et spezifesch Klauselen zum Respekt vum internationale Recht an de bilateralen oder multilaterale Kontrakter, a falls jo, wéi eng Kontrakter sinn hei betraff?*

Jo. Ech verweisen hei op d'Äntwert op d'Fro 1.

Méi allgemeng, an esou och an eise Leetlinne[1] festgehalen, stellt de Respekt vum internationale Recht an den applicabele Reegelen e fundamentale Leetprinzip fir d'Lëtzebuerger Verdeedegung duer, och am Kader vu bilateralen a multilaterale Kooperatiounen. Dëst gëllt ganz besonnesch fir Accorden, déi d'Deelen oder d'Notzung vu Lëtzebuerger Verdeedegungskapassitéite mat ausgewielte Partnerstaaten oder internationalen Organisatioune betreffen.

Lëtzebuerg, den 12. August 2026.

D' Verdeedegungsministesch

(s.) Yuriko Backes

[1] Lignes directrices de la défense luxembourgeoise à l'horizon 2035, S. 26. (https://gouvernement.lu/dam-assets/documents/actualites/2023/05-mai/11-guidelines-defence/lignes-directrices-de-la-dfense-lhorizon-2035-fr.pdf)